**INFOVERSAMMLUNG**

**VUM 29.10.2024 BEIM KUEB ZU STEEBRECKEN**



D'Versammlung "Zukunft vum Keelesport", déi vum Tom Hoffmann am Café "beim Kueb" den 29. Oktober organiséiert ginn ass, war e grousse Succès.
Wéi dir op der Foto kënnt gesinn, hunn sech vill Leit dofir intresséiert fir aktiv mat ze diskutéiere wat mir maache kënne fir eise Sport um Liewen ze halen. Et hunn sech och Leit fir en Aarbechtsgrupp fonnt, deen als Aufgab huet Projet'en an Iddien aus ze schaffen, dass de Keelesport (National wéi och Sportkeelen) méi Visibilitéit soll kréien. Falls nach een sech Ugesprach fillt fir eng Hand mat un ze paken, kann déi Persoun sech gäre bei der FLQ mellen. Déi gëtt Konteninformatioune weider. Mir betounen, dass den Aarbechtsgrupp kee Comité ass, a soumat vun obligatoresche Sitzungen entbonnen ass. Aktuell ginn et 4 Leit déi aktiv matschaffen, anerer si sporadesch dobäi. All Iddi a motivéiert Persoun ass Wëllkomm.
Avis aux amateurs.

Merci de Kueben, dass si ons de Sall zur Verfügung gestallt hunn.